piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand, Sozialversécherung & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De Pensiounsfong geréiert an investéiert an déi verschiddenste Firmen. Et existéiert awer och eng schwaarz Lëscht vu Firmen, an déi de Fong aus moralesche Grënn net dierf investéieren.

Op dëser Lëscht sinn déi verschiddenste Firmen ze fannen: déi europäesch Firma Airbus, déi zwar an der Waffeproduktioun, mee och an der ziviller Aviatioun souwéi an de Beräicher Raumfaart aktiv ass. Oder och Boeing.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4493 huet d'Regierung matgedeelt, datt de Pensiounsfong iwwert seng SICAV-FIS aktuell iwwert 6 Milliounen Euro a SpaceX investéiert huet, eng Firma, déi och militäresch aktiv ass oder op mannst den US-Militär a senge Missiounen ënnerstëtzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet de Fonds de compensation aktuell direkt oder indirekt Investissementer an Airbus oder a Fongen oder aner Finanzinstrumenter, déi direkt oder indirekt a Airbus investéiert hunn?

2. Huet de Fonds de compensation aktuell direkt oder indirekt Investissementer an Boeing oder a Fongen oder aner Finanzinstrumenter, déi direkt oder indirekt a Boeing investéiert hunn?

3. Wéi gëtt séchergestallt, dass d'Suen, déi Pensiounsfong an aner Beräicher vun dëse Firmen investéiert, schlussendlech net awer bei der Mammegesellschatt landen, vu wou aus dann d'Waffeproduktioun finanzéiert gëtt (zum Beispill fir d'Firmen SpaceX, Airbus oder Boeing)?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wëssend, dass Boeing op der schwaarzer Lëscht ass, wäert d'Luxair aner Fligertyppen akafen?

5. Wäert SpaceX och op déi schwaarz Lëscht kommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten